association des professeurs de l'enseignement
secondaire et supérieur du grand-duché de luxembourg a.s.b.l.

Lëtzebuerg, de 15. Dezember 2022

Léif Memberen,

A leschter Zäit hunn d'Gewerkschaften AMELUX an SEW zesummen eng allgemeng Opwäertung vum Handwierk gefuerdert. Laut hiren Aussoen soll virun allem de gesellschaftleche Stellewäert vun den Handwierksgesellen a vum Handwierksmeeschter substanziell erhéicht ginn.

Si wëllen d'Geselleprüfung op de Niveau vun enger Première (Bac) an de Meeschterbréif op de Niveau vum Bachelor (Bac+3) hiewen. Nëmmen esou wier garantéiert, dass deene Leit déi manuell schaffen de richtege Respekt an eiser Gesellschaft géing zoukommen.

D'APESS gesäit dat net esou, well ee Schüler, deen an der Voie pédagogique professionnelle den Diplôme d'aptitude professionnelle (DAP) ausgewielt huet direkt op d'Beruffsliewe virbereet gëtt. An dëser Formatioun gëtt allgemeng méi Wäert op d'Praxis geluecht a manner op d'Theorie. Et ginn net nëmmen DAP, déi am klasseschen Sënn en Handwierk sinn (z.B. Commerce, Instructeur de la conduite automobile, asw.). Wann een d'Formatioun vum Commerce betruecht, ginn et déi dräi Niveauen DAP, Technicien an Technique. Dëst soll alles ee schoulesche Niveau kréien. Hei ass eng Differenzéierung op dräi Niveauen awer gewollt. Mat der Fuerderung vun der AMELUX an dem SEW géing d'Première devaloriséiert ginn. Dat féiert déi ganz Schoul ad absurdum.

E Meeschterbréif gëtt beim Staat als Niveau Première unerkannt a gëtt do och deementspriechend bezuelt. De Bachelor ass eng 3 Joer laang Vollzäitausbildung op enger Fachhéichschoul oder enger Universitéit, déi eng Première als Viraussetzung huet. De Meeschterbréif ass dogéint eng 3 Joer laang Ausbildung an Owescoursen no engem DAP.

D'APESS ass kategoresch géint d'Fuerderungen vun der AMELUX a vum SEW, den DAP mat enger Première an de Meeschter mat engem Bac+3 gläich ze stellen.

Bescht Gréiss vum Exekutivcomité



**Siège social** 389, route d'Arlon
L–8011 Strassen
apess@education.lu
apess.lu

**Comité exécutif** Gilles Everling
Patrick Beil
Jean-Marc Cima
Pascal Zeihen

**apess a.s.b.l.**
Numéro LBR F4426